Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Suivi vum Dossier:
Sekretariat vun der Petitiounskommissioun
E-mail: secretariatcommpetitions@chd.lu

Madamm Elisabeth Margue
Delegéiert Ministesch fir d'Bezéiung zum Parlament
5, rue Plaetis
L-2338 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 5. Juni 2025

Betrëfft : Petitioun 3673 – Keen Import vun Dünger aus Russland an d`EU.

Madamm Ministesch,

Am Laf vun hirer Sëtzung vum 4. Juni 2025 huet d'Petitiounskommissioun vun der Chamber decidéiert fir Iech déi virgenannte Petitioun ze ënnerbreede fir eng gemeinsam Stellungnam vun der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel.

An deem Kontext wéilt ech Iech op d'Bestëmmunge vum Artikel 165*bis* vum Chambersreglement hiweisen, dee folgendes virschreift:

„(4) La Commission des Pétitions juge de la recevabilité des demandes de pétition ordinaire et fait parvenir une réponse motivée au pétitionnaire. Dans le cadre de l'élaboration de cette réponse, la Commission des Pétitions peut :
1° demander une prise de position au Gouvernement ; (…).
(..)
(6) Dans le cadre de l'article 165*bis*, paragraphe 4, point 1°, la prise de position du Gouvernement est envoyée à la Commission des Pétitions dans un délai de 60 jours. Passé ce délai, la Commission des Pétitions envoie un rappel.
Le Président de la Chambre peut accorder au Gouvernement un délai supplémentaire de 30 jours sur demande motivée.
À défaut de réponse du Gouvernement à une demande de la Commission des Pétitions dans le délai prescrit, le ou les membre(s) du Gouvernement concerné(s) peut être invité pour une prise de position orale devant la Commission des Pétitions.“

Ech verbleiwe mat gréisstem Respekt,

Claude Wiseler
Chamberspresident

**PETITION ORDINAIRE 3673**

**Intitulé de la pétition :**

Keen Import vun Dünger aus Russland an d`EU.

**Texte de la pétition :**

Zil
Dës Petitioun fuerdert, datt d'Lëtzebuerger Regierung eng Analys iwwer d'Herkunft vun de benotzten Düngemëttel am Land mécht. Et soll kloer ginn, ob an a wéi engem Mooss russeschen Dünger - deen aus Äerdgas hiergestallt gëtt - importéiert gëtt. Wéinst de Sanktioune géint Russland soll d'Regierung op en Importverbuet vun dësen Düngemëttel hei an och an der EU hiwierken, oder alternativ Stroftaxen aféieren. D'Zil ass et, keng indirekt Ënnerstëtzung méi un d'russesch Wirtschaft ze ginn.

Här Präsident
Ech wëll d'Chamber vun den Deputéierten drop opmierksam maachen, datt:

D'Europäesch Unioun an och Lëtzebuerg wéinst den aktuelle Sanktiounen am Kontext vun der russescher Invasioun an der Ukrain  keen Äerdgas méi aus Russland importéieren sollen.
Gläichzäiteg gëtt awer nach ëmmer Dünger, deen op Basis vun Äerdgas produzéiert gëtt, aus Russland an d'EU an importéiert;
Doduerch entsteet eng Inkohärenz an der Sanktiounspolitik: indirekt ënnerstëtzt een d'russesch Wirtschaft duerch de Kaf vun engem Produkt, dat aus dem sanktionéierte Rohstoff hiergestallt gëtt.
Dofir froen ech d'Lëtzebuerger Regierung op, déi follgend Moossnamen ze huelen:

Eng ëmfaassend Analys iwwert d'Herkunft an d'Zesummesetzung vun den am Grand-Duché benotzten Düngerprodukter ze maachen, inklusiv dem Undeel aus Russland oder mat russeschem Ursprong (z. B. Äerdgas).
D'Import vun Dünger aus Russland an d'EU an an d'Lëtzebuerg z'ënnerbannen.
Falls en direkte Verbuet net méiglech ass, entspriechend Stroftaxen oder Importzëllen anzeféieren, fir de Kaf vu russeschem Dünger net méi wirtschaftlech rentabel ze maachen.
Et ass wichteg, datt Lëtzebuerg als Memberstaat vun der EU eng kloer Linn an der Sanktiounspolitik behält an keng indirekt Finanzéierung vum russesche Regimm iwwer Emweer zouléisst.

Mat beschten Greiss

**Dépôt:** le 12 mai 2025
**Pétitionnaire:** Monsieur Romain Reiter